Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/07/2025

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.

Zënter 2 Joren ass ee Schantjen um Viadukt Mënsbech op der A1. Den Informatiounen op cita.lu no, soll de Schantje fir d'Schoulrentrée dëst Joer endlech fäerdeg ginn, zur Freed vu ville Leit déi d'Streck all Dag musse fueren.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Firwat huet de Schantjen op dëser Plaz esou laang gedauert? Bewäert d'Ministesch d'Dauer als normal, am Verglach zu änlechen Aarbechten hei am Land oder am Ausland?
2. Kann d'Ministesch bestätegen, dass de Schantjen de 15te September 2025 wäert fäerdeg ginn an een ab dem 15te September erëm mat 130km/h iwwert dës Plaz fuere kann?
3. Kann d'Ministesch erklären, firwat 2024 fir dëse Schantje keng Ausnam zum Congé collectif gefrot gouf?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten